



AKADEMISCHER VEREIN D' LETZEBUERGER

seit 1897

2, avenue de l'université L-4365 Esch-Sur-Alzette

A.s.b.l.

Léif Avl'erinne, Léif Avl'er

D'Summersemester 2024 steet virun der Dier, a soumat och eng nei Saison un AVL Events. Wat fir Events genau, a wéini dir iech drop freeë kennt, gitt der an dësem Communiqué gewuer. Wann der also näicht verpasse wëllt, liest iech dëst Dokument genau duerch! Mir freeën eis schonn iech op de verschiddenen Veranstaltungen ze gesinn!

Genau wéi lescht Joer ass **all Méinden eise Lëtzebuenger Owend am Kaktus**. Et kann ee schonn um **20h** op de Stammdësch kommen. Eise gewinnte **Chouer**, méttlerweil ënner **Directioun vum Ben Graas**, wäert och um **20h** starten mee opgepasst(!) se wäert vum Kaktus an en **RWTH Sall** verluet ginn, fir dass ee méi Privat an och méi eescht prouwe kann! **De Patt no der Prouf fir all motivéiert(e) Sänger(in) bléift awer weider hin am Kaktus bestoen!** Och trotz Dirigentewiessel gëllt nach ëmmer d'Motto „**Léiwer Haart, wéi Richteg**“. Also traue dech a komm eng Kéier op eng Prouf laanscht. Genau Detailer zum Sall ginn nach kommunizéiert.

Wëll mir jo net nëmmen am Drenksport déi bescht wëlle sinn, fannen och dëst Semester rëm **Basket-, Volley- a Fussballtrainingen** statt. Dëst wäerten ufanks nach zu Kelmis an den Hale stattfannen, soubal d'Wieder awer besser gëtt verleeë mir den Training op de Königshügel, fir och vun dem gudde Wieder profitéieren ze kennen. Déi genau Datumer vun de Locationännerunge kritt dir nach matgedeelt.

Mir fänken eis eventvoll Saison scho Méindes den **8. Abrëll** un. An Zwar mam „**Student fir 1 Dag**“, lancéiert gëtt dat ganz mat engem klengen **Besuch bei der Studieberatung** vun der RWTH. Em d'Mëttesstonn gi mer da mat de Kiddies an **d'Karls Wirtshaus** iessen an duerno gëtt den Dag mat enger **City/Campustour** ofgeschloss. Wéi all Joer si mir den Dag op **d'Hëllef vun eise Memberen** ugewisen, di sech Zeit huelen de Schüler hier **Froen zum Studium an de Studiefächer** ze beäntweren. Bei wat fir Fächer genau Interessi besteet deele mir iech mat soubal d'Umeldungen

ofgeschloss sinn. Egal wéini, et ass wéi ëmmer jidderee wëllkomm de Schüler Oochen ze weisen an, oder beim traditionelle **Patt am Kaktus** bäizestoussen.

Dat nächst Event, eis **Béierwanderung**, ass just 2 Deeg nom „Student fir 1 Dag“ an zwar **Mëttwochs, den 10. Abrëll**. Wéi och lescht Joer starte mer op der Maartplaz, trëppele bis an den Dräilännereck a kucken eis déi schéin Oochener Ëmgéigend un. Fir genuch Duuschtläscher ass natierlech och gesuecht, sou dass mir kee Gedrénksmangel wäerten hunn. Leider ass des Aktivitéit Wiederoofhängeg, soudass et zu méigleche Verrécklung ka kommen.

De Weekend vum 26-28. Abrëll ass den **Tournoi de l’Ambassadeur zu Bréissel**, och wann et dëst Joer als IC ugemellt ass, bleiwe mer den Traditionen treu. **Freides** verteidegen **eise Roi an eis Reine des Bleus** hiren Titel géint Léck, Louvain, an eise Gastgeber Bréissel op engem klengen Fräibéier. Mee den Tournoi am Numm bezitt sech natierlech och op de Fussball. Dës **Matcher fanne Samschdes, de 27.** statt, wou Equippe vun all Cercle géinteneen Untrieden. Wann dir Deel vun enger AVL Ekipp wëllt sinn, mëllt iech bei eisem Sportminister **Luc Jakoby (luc.jakoby@avl.lu)**. Och als Net-Fussballspiller sidd dir Wëllkomm! Mir ziele rëm op eis **AVL-ULTRAS** fir de ganze Bums unzeferieren. Keng suerg och Samschdes ass **Fräibéier während dem Match** an owes gi mer dann och nach **gemeinsam lessen**. All Detailler si wéi ëmmer um AVL-Site, am Facebookevent an an der E-Mail ze fannen.

Dat nächst Event ass de **Landjugenddaag**, deen **Donneschdes, den 9. Mee** stattfënnt. Dëst Event ass eng Art Rallye wou ee verschidde Statioune bewältege muss. Am Idealfall gewanne mer dës Joer fir eis Talenter op de Spiller rëm eng Coupe. Duuschtrech gëtt een do och net, well de gudden aale Bollerwagen wéi ëmmer gutt gefëllt wäert sinn.

Beim **ING Marathon, Samschdes den 11. Mee**, ass den AVL natierlech och rëm vertrauden. Wéi scho vun de leschte Jore gewinnt, deele mer eis de Stand mat eise Kollege vun der Oochener Virstadt, dem LSC. Des Kéier, si mir awer um Glacis, wou dëst Joer eng Bün mat live Musek, a warscheinlech och ee Publicviewing-Screen fir den Eurovision Song Contest opgebaut ass. Et gëtt also kee Grond, net fir ee Patt laanscht ze kommen. Natierlech hu mir awer och dëst Joer een Ravistand fir Sportler a **freeën eis op all Hëllef déi mer hei vun eise Membere** kréie kënnen, fir dass alles gutt iwwert Bün geet.

An et geet stabil weider, well **Dënschdes de 14. Mee**, organiséiere mir erëm eist allzäit beléifte **Belscht Béierfest**. Hei versammele mer eis op der Grillplaz Goertzbrunnstraße, wou mer eis e ganz Sortiment vu belschem Béier schmaache loosse wäerten. Fir lessen ass och gesuercht, sou dass dir gestärkt eng Ronn Flunkyball an/oder eng Partie Beerpong spille kënt. Wéi och lescht Joer, ass dest

net een AVL exclusive Event, dat hescht dass eis Kollegen vum LSC an LESTLE härzlech angelueden sinn mat eis e puer Pätt ze drenken. Vue, dass dës Platz bësse mei ausserhalb vun Ooche läit, empfeuele mir iech de Bus ze huelen. Och dëst Event ass een Open Air, dowéinst kann et zu Verrécklung wéinst dem Wieder komme, wat mer awer net hoffen.

Als nächst ass den **Dënschdes, den 28. Mee** eise **Spikeballturnoi**; wéi och scho lescht Joer kennt dir iech an Teams vun 2 Avl'eren an Avl'erinnen zesummendoen, a fir de Podium als bescht Spikeballteam kämpfen. Weider Informatiounen fir d'Umëllung kommen nach no.

Vu Freides op Samschdes, den 31. Mee – 1. Juni geet et sportlech weider, mam traditionelle **Staffellaf**. Dëse geet wéi gewinnt vun Ooche bis op Lëtzebuerg bei eis Presidentin. Déi eicht Etapp, verleeft vun Ooche bis **Viraussiichtlech an d'Géigend vun Housen**. Owes gi mer **zesummen an e Restaurant** eppes iessen, hei ass all Leefere invitéiert (egal op en den éischten oder zweeten Dag leeft). Mir probéieren och falls néideg eng Schlofméiglechkeet ze organiséieren, Infoen dozou an och zum Restaurant kommen och hei no. No enger erhuelamer Nuecht geet et da **weider bis an d'Gemeng Fluessweiler**, wou mer mat engem **Éierewäin an eppes klengem z'lesse** begréisst ginn, och hei ass all AVLer härzlech Wëllkomm! Wann dir Loscht hutt deel vun dëser Traditioun ze sinn, kommt **Méindes den 22. Abrëll** an den Kaktus op **d'Staffellafversammlung**, wou Streckenofschnëtter verdeelt ginn. All Ofschnëtt sinn 20km déi awer nach eng Kéier vun de Leefere selwer ënnert sech ënnerdeelt kënnen ginn. Dir kënnt also selwer entscheiden op der lo just 1 oder ebe maximal 20km laafe wëllt.

An mir bléiwe beim Sport, **Freides, de 4. Juni** fënnt den **RWTH Sportsday** statt, wou den AVL natierlech och vertruueden ass. Mir probéiere wéi ëmmer **eng Fussballs- an eng Basketsequippe** unzemellen. Egal op der selwer wëllt matspillen oder déi haartst Supporter wëllt sinn, mir freeën eis op jiddereen den do ass. Dir kënnt awer och vun enger Villfalt vu Schnuppercoursen profitéieren, déi iech verschidde Sportarten probéieren mei nozebréngen. Deen Dag ass och (zumindest fir d'RWTH) keng Uni also musst dir net schwänze fir dobäi kënnen ze sinn.

Och dest Joer sinn mer rëm beim Beachvolleyballturnoi vun LSK dabei, deen den **13-14. Juni** stattfennt. Dir musst iech och keng Suerge maachen ëm ären Skilllevel falls dir wéilt matmaachen, deen ass irrelevant, mir hu genuch Skilllevelen dobäi domat et fair bleift. Mee och Supporter kënnen dobäi sinn an eis Equippen als AVL Ultras ufeieren. Fir Gedrénks an lessen ass während de Matcher gesuercht. Nom Tournoi gëtt op der Campingplatz am Bësch weidergegrillt domat een sech rëm fir de Rescht vum Owend mat Energie opfëllt fir sech da nach eng Kéier richtig kënnen vollzetanken!

Méindes, de 17. Juni, ass wuel eist wichtegst a gréissten Event, d'**Ponttorfeier**. Op dëser Feier kënnst dir iech, wéi schonn déi lescht Joren, **am Forum M** eng Rei Virtreeg vun eise Partner unhéieren an duerno direkt vun der Méiglechkeet profitéieren mat hinnen an d'Gespréich ze kommen. Dëst ass déi perfekt Méiglechkeet sech ee Stage oder eng Aarbechtsplaz ze sécheren. Domat dir an eis Partner awer och Spaass bei der ganzer Saach hutt, ass no de Virtreeg, fir een oder e puer Pätt Wäin, Schampes an och Béier gesuergt. Wéi all Joer gëtt och rëm en lessen a Form vun engem Walking Dinner organiséiert, fir dass dir eis net vun de Bee faalt. Musekalesch Begleedung ass natierlech och rëm um Start. Also loosst iech dat Ganzt net entgoen a kommt op d'Ponttorfeier! Opgepasst och dës Joer gëllt keen Entrée méi no oder während de Virtreeg!

Vum **21-26 Juni** fënnt eis jährelch **Kulturrees** statt, dest Joer geht et op **Bologna**, organiséiert vun eisem Kulturminister, wärten mir déi winnerschein Stad iwwert déi 5 Deeg besser kenneléieren. De Geescht gëtt ënner aanerem duerch Muséesbesichtigungen an Touren durch d'Aalstad gestärkt, mee och d'Liewer gëtt mat Pubcrawls an Clubs net vernolässegt. Mee mir wëllen net zevill viraus huelen. Wann dir un dëser Aventure interresséiert sidd, da mellet ierch wann déi offiziell Unkënnegung eraus ass beim Kulturminister Philippe Hirtt (philippe.hirtt@avl.lu) un.

Weider geet et **Mëttwochs, den 26 Juni**, wou mer bei hoffentlech guddem Wieder op den **Dürener Badesee** fueren, fir bëssen Sonn ze tanken! Déi déi wëllen kennen do och hiert Talent beim Wakeboarden ënner Beweis stellen. Méi genau Detailer kommen nach no.

Normalerweis fënnt em dëst Zeit och de **Summercup, organiséiert vun der ALUS, zu Lëtzebuerg** statt, wou sech eis Fussbalisten kënnen ënner beweis stellen! Fir dëst Event gouf nach keen Datum kommunizéiert, liest also all är Maile fir dass der och heizou d'Infos net verpasst.

En anert Grousst Event, wat vun der ACEL organiséiert gëtt, a wou den AVL net dierf feelen, ass de **Studentenbaal**, deen dëst Joer de **5. Juli** stattfënnt. Wéi scho lescht Joer deele mir eis de Comptoir mat eise Kollegen vu Köln(LSC) a München(LSM). Dëst Event ass och eent wat ze grouss ass fir aleng als Comité ze stemmen, dowéinst, freeë mir eis op all Hëllef déi mer kréie kënnen a soe lo schonn deene Leit merci déi eis do ënnert d'Ärem gräifen. Mee ee Bal wier näischt ouni Léit, dowéinst verhaalt iech den Datum a kommt den AVL a villäicht e puer aner Cerclen ënnerstëtzen!

Eisen traditionelle **Match géint Anciens** fënnt natierlech och statt. Normalerweis triede mir do géint di fréier Oochener Studenten an engem Fussballsmatch un, dëst Joer wäert dat ganzt awer warscheinlech an eng Olympiad mat méi Disziplinen ëmgewandelt ginn. Leider sinn do nach keng genau Detailer bekannt, déi ginn awer, soubal verfügbar, un all eis Memberen an Anciens weidergeleet.

De **15. Juli, Méindes**, feiert den Avl de Schluss vum Summersemester mam traditionellen Ofsch(l)ossfest, dobäi loossen mer alles roueg auskléngen, et gëtt gegrillt, gelaacht a ganz wichteg: gedronk.

Tescht dem Summer- an dem Wantersemester läit d'**REEL** (Réunion européenne des Étudiants Luxembourgeois). Déi ass dëst Joer vum **19. - 22. September zu Köln**. Als Thema vun dëser Reel hu mer „**Zukunft gestalten: Kompetenzen im Kontext der Digitalisierung**“. Dëst Event ass ëmmer schnell voll, also wann dir och gären dëst Joer dabei wëllt sinn, dann haalt d'Aen no weideren Infoen op an mellet ierch sou schnell wéi méiglech un. Méi genau Detailer kritt dir nach wéider geleet.

Sou, dir hutt et gepackt, dëst ass Summersemester fir 2024, mir wënschen iech een erfollegräicht Summersemester a freeën eis schonn drop, iech op villen Eventer a Soiréeën ze gesinn an een Patt mat iech ze drénken!

Vive den AVL

Vive de Comité

Vive den AVL-Chouer

Vive eis Memberen

Vive Lëtzebuerg

Vive Oochen

A vive an de Kaktus

Fir de Comité,

Tim Goedert